LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 23/04/2020

**REÇU**
*Par Christine Wirtgen , 10:13, 23/04/2020*

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe, la réponse de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire n° 2013 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

**Äntwert vum Aussen- an Europaminister Jean Asselborn op d'parlamentaresch Fro N° 2013 vum 23. Mäerz 2020 vum Honorabelen Deputéierte Här Fernand Kartheiser (ADR)**

D`Fräihandelsofkommes tëschent der EU a Kanada ass tëschent 2009 a 2016 verhandelt ginn, an an der Tëschenzäit vum Europäesche Parlament a 14 Memberstaaten ratifizéiert. D'Verhandlunge vun dësem Ofkommes sinn a gréisstméiglecher Transparenz gefouert ginn an en intensiven Dialog mat der Zivilgesellschaft huet esouwuel op EU-, wéi och op nationalem Niveau, stattfonnt. An deem Kontext war et och méiglech fir enge sëllege Froen a Kritikpunkte vun der Zivilgesellschaft Rechnung ze droen.

1. Am Artikel 8.18 vum CETA-Ofkommes ass festgehale ginn, datt Plainten am Kader vun engem Sträit sech nëmmen op déi Deeler vun engem Investissement déi schonn existéieren, kënne bezéien. Kompensatioune fir net realiséiert zukünfteg Beneficer sinn also ausgeschloss. Et sief och drun erënnert, datt den Investisseur nëmmen op Grond vun enger reeller a bewisener Diskriminatioun Recht kréie kann.

2. Bei internationalen Handelsofkomme ginn et verschidden Approchë fir déi respektiv Engagementer op Pabeier ze bréngen. Am Kader vum CETA gouf effektiv mat enger negativer Lëscht geschafft, d.h. datt all Secteur, dee net opgelëscht gëtt, *par défaut* oppe fir auslännesch Operateuren ass, ënnert deene selwechte Konditioune wéi déi fir heemesch Operateuren. D'Staate behalen awer hir Prerogativen a Fräiheete fir ze reglementéiere. Am CETA huet all Partei eng Rei vun Ausnamen a Limitatiounen integréiert wat Ëffnung vun deene Secteuren ugeet (Annexen I an II). Dëst si sougenannte „Reserven" déi bestoend europäesch a national Legislatiounen erëmspigelen. An der Annexe II sinn och méi spezifesch Secteure viséiert, an deenen d'Staaten zukünfteg sech d'Recht huele gewëssen Engagementer ze limitéieren. Och wann e Staat keng Ausnamen definéiert huet, heescht dat trotzdeem net, datt e Secteur dereguléiert gëtt. Auslännesch Operateuren di hir Servicen an engem EU-Staat wëllen ubidde mussen di Europäesch a national Legislatioun respektéieren. D'Recht ze reglementéiere gëtt net ugetaascht: d'EU an di eenzel Länner däerfe weiderhi Gesetzestexter am ëffentlechen Interessi adoptéieren an domadder och hier legitim politesch Ziler an Beräicher wéi z.B. dem Sozial-, Natur-, Daten- a Konsumenteschutz verfollege kënnen.

3. D'Europäesch Unioun verfollegt déi héichste Standarden am Beräich vun der intellektueller Proprietéit. Dëst refletéiert sech och am Kader vum Kapitel 20 vum CETA. D'Normen an d'Verstäerkung vum legislative Kader am CETA completéieren déi international Provisiounen, ouni se a Fro ze stellen oder och gewëssen Obligatiounen opzelabberen. Iwwert de Wee vun der Klausel vun der meescht-favoriséierter Natioun, wéi se am Artikel 4 vum TRIPS Ofkommes festgehalen ass, benefisséieren all aner OMC-Membere vun de Rechter déi am CETA virgesi sinn. Dat heescht de CETA dréit zum Renforcement vum Protektiounsniveau vum intellektuellen Eegentum um internationale juristesche Plang bäi.